**adr**

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 20. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Medieminister, un d'Madamm Gesondheetsministesch, un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°634 vu mengem Fraktiounskolleg Fernand Kartheiser aus dem Joer 2019 präziséiert d'Regierung, datt bis dato keng Indikatioune virleien, „déi géife géint een Déploiement vun der 5G zu Lëtzebuerg schwätzen. Am Kader vun de Pilotprojeten ass vun der Regierung geplangt, fir och zu Lëtzebuerg Moossunge maachen ze loossen, déi da wäerten zu weideren Erkenntnisser féieren."

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Si bis elo schonn déi uewe genannte Moossungen duerchgefouert ginn, déi zu weideren Erkenntnisser solle féieren?
2. Wa jo, wéi eng Erkenntnisser huet d'Regierung dorausser gewonnen?
3. Wann nee, a wéi engem zäitleche Kader gedenkt d'Regierung elo, déi Moossungen duerchzeféieren?
4. Ënnert der Berécksiichtegung, datt schonn eenzel Frequenze fir de 5G-Reseau versteet goufen an am Fall, wou d'Regierung déi uewe genannte Moossungen nach net duerchgefouert huet: Ass d'Regierung an deem Fall net an der Situatioun, datt si de "Principe de Précaution" net beuecht huet?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten